



N° 5017
Reçue le 28.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.09.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 27. September 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

An Däitschland gëtt den digitale Führerschäin lues awer sécher Realitéit. Engem Zeitungsartikel no ass déi éischt Etapp vum digitale Führerschäin vum Kraftfahrtbundesamt a vun der Bundesdruckerei entwéckelt ginn. Iwwer eng spezifesch App kënne sech an Zukunft Leit, déi e Führerschäin hunn, hire Permis an digitaler Form ausstelle loossen an dësen digital op hirem Smartphone ofleeën. Nach ersetzt den digitale Permis dee klassische Führerschäin net, et verspricht ee sech dovun awer méi einfach Prozeduren, beispillsweis bei der Locatioun vun engem Auto oder beim Carsharing.

Virun dësem Hannergrond wéilt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister stellen :

- Gëtt zu Lëtzebuerg och un der Entwécklung vun engem Führerschäin an digitaler Form geschafft?
- Wa jo, wéi eng Institutiounen respektiv Entrepreneuren sinn an deem Developpement involvéiert?
- Wéi eng Avantage wäert deen digitale Führerschäin par Rapport zum klassische Permis hunn?
- Wéini kéint den digitale Führerschäin zu Lëtzebuerg operationell sinn?
- Fir de Fall, wou d'Entwécklung vum digitale Führerschäin fir Lëtzebuerg nach net ugelaft wier, wat ass de Grond fir déi Zréckhalung?

Här President, ech bieden lech, mäin déifste Respekt unzuhuelen.

Serge Wilmes

Deputéierten



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°5017 vum 27. September 2021 vum honorabelen Deputéierte Serge Wilmes

Den honorabelen Deputéierte stellt eng Rei Froen am Zesummenhang mat der Digitaliséierung vun de Führerschäiner.

Et hunn an der leschter Zäit effektiv eng Rei europäesch Länner en Digitale Führerschäin eraus bruecht oder probéiert dat ze maachen. Dëst ass zum Beispill an Däitschland oder och a Portugal de Fall. D'App huet awer an Däitschland wéinst technesche Problemer schonn no e puer Deeg nees missen zeréck gezu ginn. Och Éisterräich huet d' Aféierung wéinst technesche Problem no hanne verréckelt.

Hei muss een awer a vir hiewen, datt dëst reng national Führerschäiner sinn, déi just um territoire national gültig sinn, well déi europäesch Führerschäinsdirective dës Form vu Führerschäin (nach) net virgesäit. Wann een am europäeschen Ausland ënnerwee ass, muss een awer ëmmer nach e physescht Dokument bei sech hunn.

Déi europäesch Kommissioun huet fir Enn 2022 eng Modifikatioun vun der Führerschäinsdirective ugekënnegt. An dem Kader soll dann och den digitale Führerschäin europäesch geregelt ginn, an dann och an all EU Land gültig sinn. D'Aarbechten um techneschen Niveau fir ënnert anerem den technesche Standard deen dës Führerschäiner mussen erfëllen fest ze leeën fänken elo am Hierscht zu Bréissel un.

Lëtzebuerg wäert dës Virgäbe vu Bréissel ofwaarden.

Lëtzebuerg, den 11/11/2021

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch